| | |
|---|---|
| * 07.01.1923 | zu Lëtzebuerg, gewunnt bei sénger Famill zou Stroossen, Areler Strooss Nr. 17 |

De 15. Mee 1941 as de Jules aus dem Kolléisch geflunn well en den Damian KRATZENBERG nët gegréisst, mä him d'Wourécht gesot hat. Dorop hin gong en op ELLÉNG (Munneréf) bei de Bauer schaffen (25.5.-12.7.41).

Der Gestapo huet seng „Däitsch-Fréndlechkeet" nët gefall an e koum vum 16.07.1941-25.07.1941 an de Prisong am Stadgronn.

Vum 6. August 41 bis Mëtt Dezember 41 huet en zur Strof als „Erdarbeiter" op der R.A.B. (Reichsautobahn) bei WITTLECH geschafft. Lt. Ënnerlagen vun der Gemeng STROOSSEN as de Jules eréischt de 24.02.1942 zu BAUSENDORF (Wittlech) ofgemellt gin.

Als „Clerc d'avoué" wor hie vum 15.04.1942 - 01.10.1942 beim Affekot Eugène MEHRING an der Stad Lëtzebuerg ugestallt.

R.A.D. vum 05.10.1942 - März 1943 (Reichsarbeitsdienst)

Hei d'Etappen:

| | |
|---|---|
| 05.10.1942 - 12.12.42 | SAGAN (Schlesien) (D) haut ZAGAN (PL) |
| 12.12.1942 - 25.12.42 | op der Rees: AUSCHWITZ - SWETKOWO - CHARKOW (SU) |
| 25.12.1942 - 06.02.43 | CHARKOW (SU) |
| 06.02.1943 - 14.02.43 | op der Rees: ACHTYRKA - LOCHNITZA - JERKOWSKY - KIEW (SU) |
| 14.02.1943 - 16.02.43 | KIEW (SU) |
| 16.02.1943 - 22.02.43 | op der Rees vu KIEW no RADYMNO (PL) |
| 22.02.1943 - 17.03.43 | RADYMNO (PL) |

W.H. (Wehrmacht)

| | |
|---|---|
| 15.04.1943 - 17.04.43 | SCHLESWIG (Holstein) Schloss GOTTORF |
| 18.04.1943 - 28.04.43 | OKSBÜTTEL (DK) |
| 28.04.1943 - 07.05.43 | ESBJERG (DK) |
| 08.05.43 | FANÖ-Insel (DK) |
| 09.05.1943 - 17.05.43 | ITZEHOE (Schlesw.-Holst.) (D) |
| 19.05.1943 - 28.08.43 | LANDAU (Pfalz) (D) |
| 29.08.43 | LËTZEBUERG fir 20 Stonnen |



| | |
|---|---|
| 21.10.1943 | desertéiert, duurch d'Éisléck op Bréissel. Hei huet de Jules als Refraktär am „Service de renseignements" fir LONDON spionéiert, bis de |
| 23.03.1944 | wou en duurch Verrot vun der Gestapo verhaft gouf. E wor dun bis Ufank Abréll 44 zou Bréissel am Prisong. |

Abrëll 44 - 24.06.1944 am Prisong zu Lëtzebuerg / Gronn

| | |
|---|---|
| 24.06.1944 - | Enn August 44 zu TORGAU an der Festung (ZINNEN). Säi leschte Bréif as vum 23.08.44 aus TORGAU) |

De 05.10.1944 as de Jules zu HALLE a. d. Saale (bei LEIPZIG) wéinst „Fahnenflucht u. Spionage" erschoss gin.*

| | | |
|---|---|---|
| Séng Elteren: | KUTTER Edouard, | Fotograf, Lëtzebuerg<br>* 08.05.1887<br>† 04.12.1978 |
| | THEIS Suzanne, | Stroossen<br>* 19.04.1888<br>† 16.06.1983 |

* Den Aimé KNEPPER schreiwt a sengem Buch vun 1992 „Vie ou Mort des réfractaires" op Säit 84: „Jules Kutter wurde am 5. Oktober 1944 in Halle/Saale mit dem Beil enthauptet".



*Classe VI C, Mee 1937 (Kolléischshaff)*
*2. vu rechts: Josy Hammerel*
*4. vu rechts: Jules Kutter*